

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2020


Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der Fonction publique weiderzeleeden.

Am Staatsbudget fält all Joer op, datt d'Regierung ganz vill Leit zousätzlech astellt. Och zënter 2013 sinn eng ganz Rei vun neien Administratiounen oder Gremie geschafe ginn. Fir iwwert déi Entwécklung méi e globalen Iwwerbléck ze kréien, wéilt ech dem Här Minister Hansen dës Froe stellen:

1. Wéi vill Leit goufe säit 2013 pro Joer beim Staat engagéiert? Ënnert wéi engem Statutt? Wéi vill Leit sinn agestellt ginn, fir Leit ze ersetzen, déi an d'Pensioun gaange sinn a wéi vill Leit sinn, pro Joer a Statutt, zousätzlech engagéiert ginn?
2. Wéi hunn sech d'Personalkäschte beim Staat, duerch den Ausbau vum ëffentlechen Déngscht, zënter 2013 entwéckelt?
3. Wéi eng nei Administratiounen oder staatlech Gremie goufen zënter 2013 geschaf? Wéi vill Leit schaffen op deene Plazen?
4. Wéi eng Administratiounen si personell verstärkt ginn an ëm wéi vill Persounen?
5. Wéi sinn d'Previsiounen vun dëser Regierung bei der Personalentwécklung vum Staat bis 2023?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten